



sandweiler@csv.lu

Administration communale de Sandweiler
A l'attention du Collège échevinal
18, rue Principale
L-5240 Sandweiler

Sandweiler, de 27. Januar 2025

Betrëfft: Froen un de Schäfferot fir d'Gemengerotssëtzung vum 30. Januar 2025

Madamm Buergermeeschtesch,
Madamm, Monsieur Schäffen,

D'CSV Sandweiler Gemengerotsmemberen erlaben sech Iech follgend Fro'en ze stellen an hoffen ob eng Äntwert am Gemengerot vum 30.01.2025. Fir de Bierger Är Äntwert ouni eventuell verfälschend Interpretatioun zoukommen ze loossen, biede mir Iech an der Suite ons Är Äntwerte schrëftlech zoukommen ze loossen.

Fro 1:

Den 22. Januar 2025 huet d'FGFC Uschëllegung geint den aktuelle Sandweiler Schäfferot erhuewen*, wat sécher Auswierkungen op d'Aarbechtsklima vum Personal huet. CSV Sandweiler huet an deem Zesummenhang eng Rëtsch Froen.

Kënnt Dir zu follgende Virwërf Stellung huelen:

- Huet dës Persoun, vun der FGFC als One-Man-Consultingfirm bezeechent, e Schlëssel/Badge fir an d'Gemeng eran?
- Huet dës Persoun fräi'en Zougang zu alle Bureau'en?
- Wéi wäit huet dës Persoun Zougrëff op Software an Date vun der Gemeng, resp. de Bierger?
- Wéi ass sécher gestallt dass den RGPD agehal ass?
- Ass dës Persoun an déi deeglech Verwaltungsaufgaben agebonnen?
- Stëmmt et dass dës Persoun de Schäfferot op offiziell Terminer begleet?
- Hellet des Persoun u Schäfferotssëtzungen deel?
- Goufen aner Consultingfirma gefrot fir déi Missiounen ze iwwerhuelen?
- Firwat huet de Schäfferot sech fir des Consultingfirma entscheet?
- Huet de Schäfferot Kenntnis dass Personal ënner Drock gesat an zur Demissioun gedrängt gëtt?
- Iwwerhëlt dës Persoun operativ Aufgaben?



7 x A

* <https://www.fgfc.lu/fr-lu/actualites/machtmissbrauch-weniger-gefahr-fuer-alle-wie-einzeln-e-politiker-luxemburgs-demokratie-ins-wanken-bringen/>
<https://www.fgfc.lu/fr-lu/actualites/stellungnahme-der-fgfc-zur-reaktion-der-buergermeisteri-n-von-sandweiler-und-zur-rolle-des-externen-beraters/>

Fro 2:

Wat ass den aktuelle Stand vum Dossier PAG? Wéini soll deen a Kraaft trieden?

Fro 3:

De Waasserservice vun der Gemeng ersetzt déi "al" Waassercompteuren duerch connectierter.

- Bis wéini ass geplangt dass all Compteuren ersat sinn?
- Plangt d'Gemeng op Basis vun den Date vun dëse Compteuren de Bierger weider Servicer ze bidden déi hinnen hëllefen hire Waasserverbrauch erof ze setzen?

Fro 4:

Duerch e Kontrakt mat CFL Mobility steet de Bierger beim Center Culturel e Carsharing Auto vu Flex zur Verfügung. Kennt Dir ons w.e.g. verschidde statistesch Informatiounen zur Notzung vun deem Auto am Joer 2024 nennen?

- Wéi oft gouf deen Auto ausgeléint?
- Wéi vill verschidde Client'en hunn deen Auto genotzt?
- Goufe schonn Demarchen ënnerholl fir dësen Auto duerch en Elektroauto ze ersetzen?



Romain DUMONG
Conseiller



Jean LEMMER
Conseiller



Simone MASSARD-STITZ
Conseillère